piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Regierung investéiert massiv am Beräich vun der Satellittekommunikatioun an der Weltraumwirtschaft, ënnert Anerem iwwert de GovSat-Programm. Dës Investitioune sollen der europäescher Verdeedegung a gläichzäiteg och de lëtzebuergescher Wirtschaft zegutt kommen.

An der Lëtzebuerger Verdeedegungsstrategie fir d'Weltall (Stratégie spatiale de défense) gouf festgehalen, datt den Zougang zu sensibele lëtzebuergesche Weltraumtechnologië fir Partner limitéiert bleift, déi dat internationaalt Recht respektéieren.

Am Kontext vun den aktuelle militäreschen Eskalatiounen am Mëttleren Osten huet d'Lëtzebuerger Regierung sech rezent fir de Respekt vum internationale Recht an de Schutz vun der Zivilbevëlkerung ausgeschwat.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi verhënnert d'Regierung konkret, datt d'Kapassitéite vu GovSat vun Drëttpartner fir Operatioune benotzt ginn, déi géint d'internationaalt Recht verstoussen?
2. Ass et an der Vergaangenheet virkomm, datt d'Kapassitéite vu GovSat vun Drëttpartner fir Operatioune benotzt goufen, déi géint d'internationaalt Recht verstoussen?
3. Gëllt déi rout Linn vum Respekt vum -internationale Recht och fir aner Aktivitéiten am Beräich vum Weltraumsecteur?
4. Ginn et spezifesch Klauselen zum Respekt vum internationale Recht an de bilaterale oder

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

multilaterale Kontrakter a falls jo, wéi eng Kontrakter sinn hei betraff?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten